



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture,  
de l'Alimentation et de la Viticulture

Direction de la protection des  
consommateurs

**Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz a vum Minister fir Wirtschaft, PME,  
Energie an Tourismus, op d'parlamentaresch Fro n° 990 vum 11. Juli 2024 vum Här  
Deputéierte Marc Goergen.**

Zu Lëtzebuerg sinn d'Garagiste fräi hir Präisser no eegene Critèrë festzeleeën. Dës Critèren a Präisser mussen si awer ausschëldeeren.

Et gëllt de Prinzip vum fräien Handel ënnert der Verfassung (Artikel 35) a vun de fräie Präisser ënnert dem Gesetz iwwert d'Konkurrenz (Loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence, Artikel 3). De Code de la Consommation reegelt och d'Präistransparenz (Artikel L. 112-8 vum Code de la Consommation) a verlaangt, datt all Professionellen seng Präisser aushänkt. Dat gëllt och fir d'Tariffer fir Déngschtleschtunge, wéi zum Beispill Autosreparaturen. Wann de Präis vu ville Facteuren ofhänkt, da geet och en Devis duer, ma nawell muss de Professionellen déi Elementer affichéieren déi hie benotzt fir de Präis ze berechnen, wéi zum Beispill d'Stonneléin.

D'Agente vun der Direktioun fir Konsumenteschutz kontrolléiere regelméisseg op d'Präisser vun de Servicer vu Garagisten affichéiert sinn. Wann dat net de Fall ass, da korigéieren d'Garagiste dat gewéinlech, d'Police ka soss en Avertissement taxé, jee no Gravitéit, vun 145€ oder 250€, ausstelle (Artikel R. 112-1 vum Code de la Consommation).

Wann de Beamte vun der Direktioun fir Konsumenteschutz opfält, datt de Professionellen d'Reegelen iwwert den Affichage vun den Tariffer net kennt, verweise si op d'Informatiounsfichen, déi jiddere och an digitaler Form an a dräi Sproochen ënner <https://pro-pc.public.lu/> eroflueden oder bestelle kann. Et sief bemierkt, datt d'Direktioun fir Konsumenteschutz nach keng Reklamatioune vu Konsumente krut zu enger Präisdiskriminatioun tëschent Reparatuer vun Elektroautoen a Reparatuer vun Autoe mat traditionellem Verbrennungsmotor. Op Nofro bei der Union Luxembourgeoise des Consommateurs (ULC) a beim Europäesche Verbraucherzentrum (CEC- Lëtzebuerg) sinn och do aktuell keng änlech Fäll bekannt.

Den Erklärunge vun der FEDAMO (Fédération des Distributeurs Automobiles et de la Mobilité) no, kënne Präisënnerscheeder duerch verschidde Facteuren erkläert ginn. Esou muss ee wëssen, datt keng onqualifizéiert Aarbechtskraaft un engem Elektroauto schaffen däerf. All Mecanicien den op engem Elektroauto intervenéiert muss fir d'éischt eng speziell Ausbildung kréien, wéinst dem héije Risiko mam Ëmgang mat Gefierer déi ënner Héichspannung stinn. Héich Sécherheetsstandard a Form vu Formatioune a strikte Sécherheetsprotokoller sinn hei am Interêt vum Patron a Mecanicien, an och vum Client. Wat Präisënnerscheeder bei Ersatzstécker ubelaangt, spillen hei Modell a Mark eng Roll, esouwéi manner ersichtlech Elementer wéi zum Beispill, op de Mecanicien gutt un d'Stéck erukënt oder op fir d'éischt muss demontéiert ginn.

Dem Client, den de beschte Präis fir de beschte Service wëll, gëtt geroden, ier en säin Auto an den Entretien gëtt, Devisé bei e puer Garagen unzefroe fir säi Choix ze maachen.

Am Resumé, ginn et eng Rei Grënn firwat d'Präisser bei de Reparature kënnen variéieren. Déi aktuell Gesetzeslag verlaangt Präistransparenz a Verëffentlechung vun den Tariffer an d'Clienten hunn esou d'Méiglechkeet d'Präisser an d'Devisë ze vergläichen an hire Choix ze maachen. D'Beamte vun der Direktioun fir Konsumenteschutz kontrolléieren dëst bei de betraffene Betriber a stinn hinne mat Rot zur Säit. Et gëtt aktuell kee Bedarf fir zousätzlech Reegelen, déi Transparenz bei dem Affichage vun den Tariffer vu Reparature garantéiere sollen.

Lëtzebuerg, den 08/08/2024.

D' Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Martine Hansen